Association des Enrôlés de Force A.s.b.l.
Comité central
1940 - 1945
Luxembourg
Victimes du Nazisme

# NATIONALKONGRESS

Samschdeg, 22. Abrël 1989
zu WOLZ
am Festsall vum Schlass.

## PROGRAMM

14.15 Auer: Rassemblement vun de Kongressisten an Ëmfank vun den Invitéen am Haff vum Schlass. Fir de Parking vun den Autoen as den Uweisunge vun der Polizei an der Gendarmerie ze follegen.

14.30 Auer: Départ vum Cortège. Gedenkzeremonie virum Monument national de la Grêve

14.35 Auer: Am Cortège geet et bei de Monument aux Morts an der Avenue Nicolas Kreins. Gedenkzeremonie.

14.50 Auer: No der Gedenkzeremonie geet et am Cortège z'réck an d'Schlass.

15.°° Auer: Ufank vum Kongress.
- Begréissungsusprooch vum President vun der Wëlzer EdF-Sectioun.
- Présentatioun vum Kongressbüro.

15.15 Auer: Begréissungsusprooch vum Nationalpresident.

15.30 Auer: Aktivitéitsrapport

16°° Auer: Finanzrapport

16.10 Auer:
- Rapport vun de Keeskontroller
- Diskussioun vun deenen zwéi Rapport'en
- Accord vun den Delegéierten
- Bestëmme vun de Keeskontroller fir d'Joer 1990
- Bestëmme vun der Uertschaaft wou de nächste Kongress ofgehale gët. Sectiounen, déi de Kongress vun 1990 z'organiséiren gedenken, sollen hir Intentiounen dem Zentralcomité virum 22. Abrël 1989 matdeelen.
- Erneierung a Wahl vun der Halschend vun den Zentralcomitésmêmberen. Turnusweis austriedend Mêmbere sin: Clees Jos., Coner Julien, Frisch André, Hames Jean, Jacob Bernard, Noel Emile, Steffen Marguerite, Weirich Jos.
  D'Komerode vun der Austrëttssérie kënnen erëm gewielt gin.
  Well am Zentralcomité zwéi Mêmbere feelen, sin zwéi Posten neizebesetzen.
  Nei Kandidature fir de Comité Central si schrëftlech bis de 14. Abrël 1989 (leschten Termäin) un de President vun der Associatioun ze riichten.

16.30 Auer: Referat vum Nationalpresident.

17.°° Auer: Generaldiskussioun.

17.30 Auer: Mat dem Schlusswuert vum Nationalpresident geet de Kongress 1989 zu Enn.

18.°° Auer: Réceptioun op der Stadverwaltung. Déi Wëlzer Geméngenautoritéiten offeréiren den Éirewäin.

Während der Réceptioun gin d'Ruban'e verdeelt.

16.03.
1989

Angscht virun dem Erëmopkomme vun dem

NAZISMUS AN dem FASCHISMUS

No de leschte Wahlen zu Berlin-West an an Hessen, wou eng nei Partei "d'Republikaner (Berlin) an déi scho méi laang bekannten N P D (Hessen) en enormen Succès haten - <u>déi béid sin elo salonfäheg gin !</u> - kënnt een net derlaangscht, sech Gedanken ze maachen.

Zwou grouss, sougenannt tradionnell Parteien - déi drëtt, d'FDP lät an der Agonie - bekämpfen, zerstreide sech, wéi schon eemol zu de Weimarer Republikszäiten, a ronderëm se entstinn politesch Formatiounen, déi op dem Nazismus an dem Faschismus opbauen an nom ale Modell gefouert gin.

"Däitschland den Däitschen!" „Eraus mat den Auslänner!"

Dat nennen d'Preisen e Phénomän.

Mä dat as et nët. Elo rächt sech dat, wat de Konrath ADENAUER gesot an ugefaangen huet. Et war hien, deen der SS nom Krich nees op de Spronk gehollef huet, wéi e behaapt huet: "D'SS sin Zaldote gewiescht, ewéi déi vun der Wehrmacht."

Déi nei Republikanesch Partei gët vun esou engem alen SS-Mann gefouert, dem Franz Schoenhuber. Hien a séng Akoliten féiren en al-bekannte Lângage, a si fannen en onerhéierte Mënschenzoulaaf.

Hu mir Enrôlés de Force nët allzäit andréinglech virun de Preise gewarnt? Mir hu kruten ëmmer duergéint gehalen, d'Preise vun haut wäre nët méi schlecht wéi mir Lëtzebuerger. Dat wërft d'Fro op: Wéi schlecht Lëtzebuerger si mir dann?

An der B R D as d'Demokratie eppes wéi e schlecht gerodenen Email op der Iwwerfläch. Drënner si se dat bliwwe wat se waren: <u>Preisen</u>, déi fir all Iwwerraschung gutt sin. Wéi verstengert kucke se den Opstieg vun all deenen Extremiste no. Kee Wonner! Si hun hiren alle Nazismus mat sénger Rassentheorie an allen Aneren nie vergiess gehat. Elo gët dee ganz Knascht erëm op e neits ausgegrouwen.

Wou weegen <u>NEO</u> - Nazismus. Haut, am Joer 1989 si se nach nët emol hires Nazismus lass. E Bewäis duerfir as dat hei: Am Land Hessen sin déi allerhéchst politesch Gremien der Meenung, datt et un der Zäit as, fir <u>"DasLied der Deutschen"</u> erëm mat deene Strophen ze sangen, wéi den Hoffmann von Fallersleben se verfaasst huet - D'Musék derzou vum Josef Haydn kenne mer jo all - .

No der bedingunsloser Kapitulatioun vun de Preisen, also vun 1945 un gouf bis elo offizell nëmmen déi drëtt Stroph gesongen - gespielt gouf ëmmer déiselwecht Melodie. An denen zou éischte Strophen heescht et textuell:

1. Deutschland, Deutschland über alles, über alles in der Welt,

   stets zu Schutz und Trutze,
   brüderlich zusammenhält.
   Von der Maas bis an die Memel,
   von der Etsch bis an den Belt.

   Deutschland.......... wéi viirdrun an der Widderhuelung.

2. Deutsche Frauen, deutsche Treue, deutscher Wein und deutscher Sang

   sollen in der Welt behalten,
   ihren alten schönen Klang,
   und zu edler Tat begeistern
   unser ganzes Leben lang.

   Deutsche Frauen...... wéi viirdrun an der Widderhuelung.

Jhust mat deenen Texter haten d'Nazien de Pangermanismus „über alles in der Welt" gelueft an de Revânschismus gepriedegt. Elo sollen d'Kanner an de Schoulen grad déi do zwou Strophe vum „Deutschlandlied" erëm léieren.

An do sin d'Hessen nach nët emol déi Éischt. Halt iech un, déi béid Strophe gi schon zënter längerer Zäit a Bayern an a Baden-Würtemberg an de Schoule geléiert. Iwwerhiewlech, wéi eh a jeh, si, d'Preise sin „über alles in der Welt!"

Kee Wonner wann d'NPD an deen ale SS-Mann Franz Schoenhuber mat sénge „Republikaner" „Morgenluft witteren, --- wa se mat ultranationalisteschen an anti-immigrationistesche Paroulen esou Wahlerfolleger verzeechnen, vun deenen déi liberal FDP nëmme méi nach jhust dreemt.

D'Fransousen, déi gi färdeg mat hirem Front National an hirem Le Penn. Mä Preisen ziichte systematesch hiren Extremismus. Bei hinne sin d'Antécédân'en an déi aktuell politesch Verhältnësser ganz anerer wéi bei de Fransousen.

Et kënnt ee mengen et därft einfach nët mënscheméiglech sin, mä 38% vun de Preisen a West-Däitschland gesin haut den Hitler als e grousse Statsmann un. An et heescht, en hätt nëmme jhust Pech gehat.

Abee merci!

Mir Enrôlés de Force warne ganz andréinglech viirun all deem politesche Geramouers, wat sech déisäit eiser Grenzflëss Musel - Sauer an Our deet.

31.3.1989

# De Ruban vun den Enrôlés de Force

De rout-wäis-bloe Ruban besteet an dräi verschiddden Ausféirungen:

1) Den einfache Ruban 

2) De Ruban en argent (Ruban am Lorbeerkranz)

3) De Ruban en or idem

Geschaafe gouf de Ruban als Spéngel de 25. Juin 1964 op Grond vun engem Beschloss vum Comité Central vun der Associatioun, also elo viru 25 Joer. De Ruban as a bleiwt eng réng Ugeléenheet vum Zentralcomité. Deemols wéi de Ruban geschaafe gouf, huet de C/C

a) eng Spéngel geschaaft, déi no dem Muster vun deem rout-wäis-bloe Bändche geformt war, dat mir EdF mat an d'Zwangsrekrutéirung geholl haten. Déi Spéngel sollten all EdF droen, fir datt een deen aneren oni weidere erëmerkenne sollt.
Dat war also d'Grondursaach tout court, firwat de Ruban geschaafe gouf.

b) Weider war de Mêmbere vum C/C vun der Assoiatioun hir Iddi, esou Komero dinnen a Komeroden mat engem besonnesche Ruban auszezeechnen, - Ruban en argent - Ruban en or - an zwar fir ganz aussergewéinlech Leeschtungen am Interessi vun allen Enrôlés. Wat den C/C dorënner verstanen huet, as am Reglement iwwert d'Zousprieche an d'Verdeele vum Ruban festgeschriwwe gin.

Keen awer och guer keen huet dem C/C viirzeschreiwen, wiem, wéini, firwat hien ee mat engem Ruban auszeechend. Am Artikel 4 vum Reglement huet den C/C d'Critère festgeluecht, déi erfëllt musse sin, fir e verdéngschtvolle Mêmber mat engem Ruban auszezeechnen. Et as dat a kengem Fall d'Charge vun engem Kongress, oder enger Delegéierteversammlung.

D'Sectioune maachen hir Propositiounen op Grond vun de Prémisse vum Reglement no beschtem Wëssen a Kënnen a schloen dem C/C Komerodinnen a Komerode viir, déi a Fro kommen fir eng Auszeechnung.

Alles Anescht ënnersteet der Apprécisatioun vum C/C.

Datt séingerzäit de C/C op d'Mathëllef vun enger Komissioun fir Zousprieche vun dem Ruban z'réckgegraff huet, war séng eegen Ugeléenheet. Déi Komissioun huet sech zesummegesaat aus Mêmbere vun de Regionalcomitéen. Dës Regionalcomitéen hun sech stillschweigend opgeléist, a bestin zënter laange Joere nët méi. Den C/C hätt allzäit och oni déi vun him agesate Kommissioun schaffe kënnen.

Domadden as kloergemaach, datt d'Affär vun de Ruban'en eng Ugeléenheet vum Zentralcomité as. Hie kann doriwwer um Kongress rapportéiren, informéiren, mä zoustänneg as a bleiwt hien ganz eléng, a kee Kongress.

D'Delegéiert sollen hiren respective Comitée soen, si solle sech beim Virschloe vun deenen aus hirer Siicht ze dekoréirend Mêmberen un d'Reglement, a ganz besonnesch un d'Bestëmmunge vum Artikel 4 halen.

Geschitt dat, dann as all Diskussioun irgendwellecher Art vu vireran ausgeschloss.

Association des Enrôlés de Force | Victimes du Nazisme
A. S. B. L.

Luxembourg
9, rue du Fort Elisabeth
C.C.P. 313 24
Boite Postale 2415
Luxembourg-Gare

# R E G L E M E N T

iwwert d'Zouspriechen an d'Verdeelen vun dem „Ruban en argent"
a vum „Ruban en or des E.d.F.V.N."

## Artikel 1.

Duurch Beschloss vum Comité Central sin de 25. Juni 1964 de RUBAN en ARGE an de RUBAN en OR des E.D.F.V.N. vun der Associatioun geschaafe gin. D'Reglement iwwert d'Zouspriechen an d'Verdeele vun de Rübånen gouf de 6. Abr 1984 an den 20. Oktober 1988 ëmgeännert a vervollstännecht.

## Artikel 2.

D'Bezeechnung vun dëse Rübånen as a bleiwt Eegentum vun der Associatioun.

## Artikel 3.

D'Auszeechnung an d'Verdeele gin nëmmen am Kader vun der Associatioun viirgeholl.

## Artikel 4.

Ausgezeechent gi kënne nëmme Mêmberen an Éiremêmberen vun der Associatiou

a) mat dem RUBAN en ARGENT
   1) fir aussergewéinlech Verdéngschter ëm d'Saach vun den Enrôlés de Force; fir besonnesch erviirstiechend Aktivitéiten am Kader vun de Sectiounen; fir opfalend gutt Organisatioun vun enger Sectioun; fir Leeschtungen, déi besonnesch erviirstiechen.
   2) fir laangjähreg, trei Mêmberschaft am Déngscht vun der Associatioun fir ganz perséinlech, laangjähreg an trei Déngschter am Kader vun der Associatioun. Dorënner falen: Sectiounsgrënnungen, Ofhale vu Versammlungen uechtert d'Land, activ Mathëllef an der Sectioun, an der Redactioun vum Bulletin, Hiirstelle vun Relatiounen am Interesse vun der Associatioun, respectiv vun der Féderatioun.

b) mat dem RUBAN en OR
   fir Aktivitéiten a Verdéngschter, déi déi ënner a) hei viirdrun opgezielten bei wäitem iwwersteigen an den allgeméngen Interesse vun der Associatioun an allen Enrôlés de Force déngen.

## Artikel 5.

Fir d'Zousprieche vum RUBAN en OR as de Besëtz vum RUBAN en ARGENT nët onbedéngt erfuerdert, dach as et wënschenswert, datt dës lescht genannter Auszeechnung scho viirdru verliën as gin.

## Artikel 6.

D'Mêmberen an d'Éiremêmberen, déi mat dem RUBAN en ARGENT oder mat dem RUBAN en OR ausgezeechent solle gin, gi viirgeschloen:
   a) vum Sectiounscomité
   b) vum Comité Central vun der Associatioun.

## Artikel 7.

All Sectiounscomité muss séng Propositiounen prioritéitsméisseg opsteller a fir all viirgeschloene Mêmber eenzel e Rapport viirleën iwwert deem sé Aktivitéiten a Mériten an der Vergaangenheet, mais och fir d'Zukunft. All